# <u>Weltmeeschterschaft vun den Masters 2026 zu Fortaleny Spanien</u>

18.08.2026

WM Masters Fortaleny Spunien.
Dag 3 Box 2. Haut den drëtten Trainings Dag zu Fortaleny. Wéi gëschter schonns ugedeit, hunn mer haut an enger Box gesiess, wou et net nëmmen déift Waasser gouf, mee wou een direkt hannendrun eng héich Mauer hat, wou et gegëllt huet fir beim Deboutéieren immens héich Staang missen ze hiewen fir iwwer den Bord vun der Mauer ze kommen. Temperaturen sinn nach ëmmer immens héich mat Moies dann och mat enger enormer Loftfiichtegkeet. Muer sinn dann och nach zu allem Iwwel fir Compétiteuren 45 Grad gemellt. Ech kann mech net drun erënneren esou eppes schonns erlieft ze hunn. Mee do mussen mer muer duerch.

Zur Fëscherei vun haut. Komplizéiert, mat wéineg Touchen déi éischt 2 Stonnen. Just de Misch an de Gasti konnten deen een oder aneren Fësch kescheren. Ech selwer hu Blénkerten Fëscherei dann mol ugaang, fir ze kucken wéi vill et méiglech wier an der éischter Stonn ze fänken. No 50 Minutten waren et der +/- 170 Stéck. Ob der Wo hunn déi 1700 Gramm bruecht. Villäicht déi richteg Taktik fir kennen déi 1 Stonn ze iwwerbrécken fir net den Uschloss ze verléieren an fir villäicht mat e bëssen Succès ëm déi 2 Kg schonns ob der Wo ze hunn. Jo, Fësch hu mer gefaang. Ob der Wo haten de Gasti mat 7 Kg an den Mich mat 8 Kg déi héchsten Gewiichter. Ech selwer koum dann och nëmme ob 5,5 Kg mat eben wéi schonns erwäänt den 1700 Gramm Blénkerten. Et ass nach vill Loft no uewen. An dat wësse mer all. Den Brandy hat ëmmerhin nach 4,5 kg an den John 2 kg.

Mir sëtzen muer an der Box 11 an hunn dann nach eng Kéier Méiglechkeet Käpp zesummen ze strecken, fir erauszefannen wei mer all Moyenen nach kënnen ze hiewen.

Elo sinn mer ob der Ouverture zu Fortaleny. Wéi ëmmer ass dat Ganzt encadréiert mat engem klengen Ëmzuch duerch Duerf, an dann an hirem Festsall mat deenen üblechen Rieden vun deenen verschiddenen Offiziellen.

Mir wäerten awer och den Owend schonns beim Kascht iwwer wichteg Saachen ewéi Monturen, wéi d’ Bläien am Beschten sollen stoen, Gréisst vun den Kreep an dann och iwwer Fudder an Köderen schwätzen fir dann muer nach eng Kéier alles ze ginn fir Prett ze sinn. Ab Donneschdeg ass dann déi éischt Manche déi gefëscht gëtt. Stëmmung ass einfach top an der Equipe, an schlussendlech ass dat wat ëmmer wichteg ass.

B.G. Fernand Schmitt